Léw Elteren,
Dir Damen an dir Hèren,
Komerodinnen a Komeroden

Letzeburg den 8. Oktober 72

An e pur Dég sinn et 30 Joer hir, dass di é'scht vun ons den 18 Oktober 1942 de schwé'ere Gang an dé' verhâsste preisech Wehrmacht ugetratt hun. Dass et fir munscherén kén Eremkommen mé géif gin wossten all die Bedélegt. Dass awer schliesslech mat 2906 jong letzeburger Liewen an dausende vu Kranken a Mutilé'erten ons Hémecht dest preisech Verbriechen misste bezuele hât dé gré'sste Pessimist önner ons nët vieraus gesinn.

Haut hu mir ons u sie all erönnert. Haut de Muergen an onse Lokalité'ten an Dirfer, an der Kathédral a bei déne verschiddene Monumenter. De Metteg elo um Kano'nenhiwel a Präsenz vun onsem Grand-Duc, der Grand-Duchesse, den Autorité'ten, Vertrieder, Frënn a Bekannten. All dé die présent wâren soen ech merci, merci all dénen dé mat oprichtegen Herzer an éerleche Gefiller derbei waren, am Num vun allen fré'eren Zwangsrekruté'erten Médercher a Jongen. Awer och iech all soen ech merci. Merci am Num vu mengen Komeroden aus den Zentralkomitéen an a mengen égenen. Merci dass dir an dénen vergângenen 10 Joer genau wie haut derbei wart. Derbei wart wann et gegellt huet Dé'er vun onse ongléklechen Komeroden hé'ch ze hâlen. Wann et gegellt huet zu hinnen ze hâlen, ons Solidarité't an Enechkét ze beweisen, trotz Attaken, Intrigen an Erpressungen. Well net nemmen d'Enrôlé dé' aus der Friemd an dem Ennergrond néss Hém kou'men go'wen schonst geschwenn no der Libératio'n en Dag am A' fir muncherén, mè och onsen Do'degen , Gefâlenen a Vermessten, sollt d'National E'er déi hinen zo'kennt verwiert gin. Eso' hâten "Ons Jongen", di während der Okkupatio'n net nemmen bildlecht mé och tatsächlech Verkierperung vun onsem Nationalgoudd duergestallt fir dé' dausenden gudde Letzeburger bérét waren Haus, Haff a Liewen op d'Spill ze setzen, plötlech Schwieregkéten. Schwieregkéten fir sech an d'Hémechsleiwen nés anzereien, Schwieregkéten fir eng Existenz ze grënnen, Schwieregkéten fir hir ugeschloe Gesondhét nés an d'Rei ze kré'en an Schwieregkéten fir moralesch a matériel Satisfacto'n dé' âner Gruppen zo'gesprach ze kré'en. Vun de Schwieregkéten, fir iwerhâpt emol erem hém ze kommen, well ech hei guer net schwetzen. Zu all dese Schwieregkéten koumen dann och nach Suergen em d'Undenken vun onse Komerodinnen aKomeroden dé' sech net méi verdédege konnten. Trotz onsem onnermidlechen Asatz hir E'er ze verdédegen, trotz den Deklaratio'nen vun onsen hé'gen an höchsten Instanzen, trozt Gesetzer an Arrêtéen fanne sech ëmmer nach erëm Leit dé' behâpte menge missen, dass ons Ongléckiech net fir d'Hémecht hier d'Liewe ginn hun. An eso' sin ech forzé'ert hei op desen Dag op e neits offiziell a formell gé'ent d'Mémoiren, Schreiwen a Behâptungen zu protesté'eren, dé' onsen Do'degen, Gefâlenen, Komerodinnen a Komeroden Zue=spriechung vum Titel "Mort pour la Patrie" an Zweiwel setze wöllen.

Léw Komeroden, eso' schwé'er ons et och fällt, eso' sé'er mir et och bedaueren, åwer wuergsam musse mir sin a bleiwen, eso' lang mir liéwen. Well, wéi dir emmer erem gesitt versiche ons Gégener a Beneider ëmmer erem nei Attaken an Intrigen gént ons ze lancé'eren. A wann och dé', dé' gé'ent ons sin zuelemé'sseg vielléicht wé'neg eso' ass hiren Affloss dach oft sé'er gro'ss, a spéziell hir Intrigen hannert de Kulissen können ons gefé'erlech gin. Gottseidank sin åwer dé' fill gudd Letzeburger dé am Kriech zu hiere Médercher a Jongen stungen, a bis haut nach trei bliwen. Mir sin Hinnen allen sé'er dankbar, a mucherén vun hinnen huet sech an den Nokrichs-joeren mat Eifer a selbslosen Asatz tatkräfteg fir d'Enrôlés agesat. Eso' wuel am Ausland wé' och zu Letzeburg. Op déne verschiddene Gebitter.

Fir dese Leit öffentlech den Dank vun den Enrôlés auszedrécken huet ons Fédératio'n den Ruban en Or avec Palmes geschâffen.

An déne vergångene Joeren konnte mir domadden on
onse fransé'chen Frënn a Komeroden, Bourgeois a Nonnenmacher merci soen.

Dem Dr. René Schroeder fir sein onégenötzlechen Asatz fir ons Krank a Mutilé'ert Komeroden déi hei zu letzeburg eso' wé'neg Verständnis an Hellef fanne konnten.

Dem Colonel Fraizer fir seng Bemé'hungen a Bestrievungen, des Krank a Mutilé'ert an ausläneesche Spidäler a vu Fachléit betreien ze lôssen.

Dem Hèr Grazia, de Papp vun der Stopp am Honsbesch fir seng Trei senge Jonge gé'ngiwer am Krich wé' och derno.

An Drei vun dese Gudden wëlle mir dest Joer fortsetzen. A Mann dén no Baussen ni gro'ss an Erscheinung getraat ass, mè o'ni dém sein Dévouement verschidden vun onse Fuerderungen net oder schlecht réalisé'ert hätte kënne gin. Mat senger Hellefsberétschaft, séi Verständnis fir d'Cause vun den Enrôlés de Force go'w net nëmmen d'Médaille de la Reconnaissance Nationale a Wierklechkét mè och d'Organisatio'n iwert d'Erfassung an d'Zo'spriechung réalisé'ert.

O'ni seng Ausdauer, sein onégennëtzlechn Asatz, sein toleranten a réalis-tesche Géscht, seng Vermëttelung a seng Fähegkéten sting de Monument National haut nach net um Kano'nenhiwel.

Et ass den Hèr Conseiller Joseph Petit.

Hèr Petit, ech wés aus onser Zesummenarbecht, dass dir net de Man sid dé gro'ss Lobgesäng op seng Perso'n sicht. Dir sid och net vun dém Schlag vu Leit dé an der Offentlechkét wölle glänzen an hiert Schaffen vun alle Séiten beliechte lôssen fir dass sie jo net sollen iwersin gin. Et ass èrt Wiesen fir a Bescheidenhét èrt d'Schaffen a Kënnen an den Dingscht vun den Matbierger ze stellen. Ärt Gerechtechkétsgefill dreiwt iech dénen ze hellefen dé' a Schwieregkéten sin a sech verdédege mussen fir zu hierem Recht ze kommen.

Ärt Gerechtegkétsgefill dreiwt iech dénen ze hellefen dé' a Schwieregkéten sin a sech verdédege mussen fir zu hierem Recht ze kommen.

Dir verzicht grosszügeg a gären op de Bénéfice vun èren Verdingschter an égene Léschtungen zu Gonschten vun enger gudder Sach a besonneg wa sie iecht émol un d'Härz gewuess ass. Eso' hu dier elo nach net nemmen die wonnerbar Brochur iwert de Monument National a nuechtelanger Hémarbecht zu stan bruedht mè och nach der Allgemenghét o'ni Ophierwes als Cadeau gemât.

Aus all desen Iwerléungen huet onse Nationalkomité dén all seng Memberen ich gelé'ert huet schätzen, éstemmeg beschloss iech mat der Iwerréchung vum Ruban en Or avec Palmes de Merci vun allen Enrôlés de Force auszespriechen.

---

Ennert dem Applaus vun den Uwiesenden spengelt de Präsident dem Hèr Joseph Petit de Ruban en Or avec Palmes un. Sichtlech ergraff vun deser E'er ergreift den Hès Petit d'Wuert.

---

---

Dem Hèr Petit seng Wieder gin mat gro'ssen Applaus kwitté'ert.
Dourno ergreift de Komerod Jos Weirich nés d'Wuert. Mat begéschterte Wieder sét hien dem Sektio'n Letzeburg Merci, fir d'organisé'eren vun deser Journée. Oni énzel Komeroden zer ernimmen erwähnt hien dass et der Arbecht an dem Asatz vun hinen ze verdanken ass eso' Erfolger wi haut fir d'Cause vun dem Enrôlés de Force errécht gin. Wan et och Schwieregkéten go'wen fir di annonzé'ert Strossenbezéchnungen ze réalisé'eren eso' ass et dach eng schéin Réussit dass place des martyres an der Stâdt zënner e Samschten Bezéchnung

place des martyres
en commémoration des Déportés, des Enrôlés de Force et de toutes
les Victimes du Nazisme.

dré't.

Hinnen all wéi och alle Frënn dé' un deser Réalisatio'n matgehollef hun ass den Dank vun allen Enrôlés de Force secher an de President encouragé'ert dest Beispiel och an dénen ânere Sektio'nen nozefolgen.

Wéi desen Datum bekannt wor, ass den Hèr Staatsminister un ons erugetratt mam Firschlag ons Journée zesummen mat der Journée de Commémoration Nationale de 8. Oktober ze feieren. Wât wâren seng Iwerléungen é'erlech an oprichteg??. War et nemmen fir d'Reien an der Kathédral erem opzefëllen dé' Joer fir Joer méi eidel gin, oder gefällt de jährlechen Erfolleg vun den Journée vun den Enrôlés verschidden Leit net. Op Jidde Fall hât onse Komité nëmmen sein accord gin dass d'Feierlechkéten Nomettes missten oflâfen wéi se op onsem Programm festgeluecht waren an de Charakter vun onser bekannter Journée misste beibehâlen.

An elo froen ech mech oder ech froen den Här Staatsminister,:
firwât ass a kengem énzegen Regierungskommuniqué, firwât ass am offizielle Programm vun der Journée de Commémoration Nationale net op enger enzeger Plâtz ernimmt dass des Journée zesummen mat der Journée Nationale vun den Enrôlés de Force organisé'ert gin ass.?

Firwât steht am Regierungsprgramm net dass de Grand-Duc de Livre d'Or vun den Enrôlés de Force signé'ert mè einfach de Livre d'Or

Ass dât oprichteg? Oder ~~fèert~~ wien fèert wien??????

Hien frét sech oder fillmé frét den Här Staatsminister Firwât ass a kengem énzegen Regierungkommuniqué, firwât ass am offizielle Programm vun der Journée de Commémoration Nationale net op enger énzeger Plâtz ernimmt, dass des Journée zesummen mat der Journéé Nationale vun den Enrôlés de Force organisé'ert gin ass. Firwât steht am Regierungsprgramm net, dass de Grand-Duc de Livre d'Or vun den Enrôlés de Force signé'ert, mè einfach de Livre d'Or.

Ass dât oprichteg?

An dofir sét de Komerod Jos och musse mir firsichteg sin mat Verspriechen iwert Réalisatio'n vun onsem projet iwert fré'zeiteg Pensionné'erung. Hien erklärt dass des Fuerderung kén Ersatz fir onse Lo'nausfall ass an dass Nach wie vor Diskriminatio'n vun den Enrôlés de Force am Kriegschädegesetz verschwanne muss.
D'Fre'zeiteg Pensionné'erung muss en Avantgefir all déi gin, dé ënnert dem Preis gelidden hun. Dofir verlângt Fédératio'n och dest Gesetz net nëmmen fir hier Memberen mè fir och all déporté'ert KZetler eso wo se am Artikel 45 vum Dommage de Guerre'sgesetz vum 25.2.1950 opgefo'ert sin. Secherlech versiche ons" Gegener Onzefriddenhé ënner den Zwanksrekruté'erten a Résistenzler ze brengen an dem se dénen engen avantge gin an âner derfun ausschlé'essen. Hei gëllt et ons Solidarité't ënner Beweis ze stellen. Hei gëllt dé' escht Komerod=schaft an Enegkét eso' wé' am Krieg. De President ass iwerzégt dass kén E'erlechen ënner ons Avantgen fir sech accepté'ert a seng Komeroder mat eidelen Täschen stoe lé'sst. Eso' eventuell Egoïssten waren nach nie echt Komeroden a sin Profiteuren vun echter Resistenz an der oprichteger Haltung vun den Zwanksrekruté'erten.

Mat engem warem Appel un d'Solidarité't an d'Komerodschaft schlé'sst de President Jos Weirich seng mat Begéschterung opgehollen Usproch dé oft durch langen a gro'ssen Applaus ennerbrach gi war.

Hien firt fort:

No desen erhabene Momenter sin ech leider erëm wéi nu schon 10 Joer lang gezwongen mech der batterer Wierklechkét erëm zo' ze wennen. An dénen 1( Joer vun onsem gemainsame Schaffen hu mir munsches errégt. Fuerderungen go'wen réalisé'ert a fill vun ons profité'eren haut eso'wuel moralesch wé och matériell vu Réalisatio'nen dé' Dank dem onermidlechem an onégennëtzlecham Asatz vun äre Komeroden aus den Zentralkomitéen erréch go'wen. Mè awer och firun allem duerch èr Solidaritéit, 7rt Zesummenhâl an ärt Dobeisin bei onse Manifestatio'nen a Versammelungen, sin Erfolge opzeweisen. An ében dese Komerodschaftsgéscht ass a bleiwt en Dàr am A fir muncherén. Den Néid mescht eben blann!

Wéi wärt et sos ze verstoen dass beim 30 jähregen Anniversaire vum Generalstreick d'Organisatoren vun déne verschidde Feierlechkéten einfa d'Enrôlés vergiess an ignoré'ert hätten. Just Zwangsrekruté'ert fir déi d'Grêve proklmé'ert guew a fir déi d'Helden vun desen Dég gestuerwen si Onse Fédératio'nskomité approuwé'ert foll a ganz Haltung vun déne Komer den déi wient dem Négligé'eren vun onser Fédératio'n aus Protest net u de Feierlechkéten zu Woltz délgehoff hun. Mè aus den Iwerléungen dass d Do'deg net kënnen responsabel gemât gin fir dât wât die Iwerli'wend, dé sech an hierem Courage sonnen, verbriechen. Aus Dankbarkét onsen Nationalhelden gé'ntiwer hât ons Fédératio'n hieren égene Appel lancé'e un den Feierleckéten zu Woltz dél zu huelen. Dank der Présnez vun eso' fillen Enrôlés an hiere Famillien mat onse Fendelen go'wen d'Feierlechk ten eré'cht en richtegen Erfolleg . A wa mir ons och aus Dankbarkét an E'ergefill desen Helden gé'ntiwer op desen Erfolleg fréhen, kommen ech dach net emhin hei an aller Offentlechkét gé'nt des Machenschaften vun responsabelen Organisatoren zu protesté'eren. Z Protesté'eren, dass nac am Lescht Moment virum Monument de la Grêve bei der Blumenné'erléung ons Gerbendréer mat falschem Num an önnert "autres organisations" opgero'f go'wen.

Léw Komeroden, dat sin dé' Intrigen a Këftfeiler dé gé'nt ons an Hannert de Kulissen ofgeschoss gin.

De Präsident erklärt wéso an dass Versuchsweis ~~och~~ ons jährlech "Journée Nationale" dest Joer zesummen mat der Regierung op der "Journée de Commémoration Nationale" gefeiert go'w. Ons Délégé'ert solle sech bei der nächsten Assemblée Générale auspriechen op dest an déne nächste Joeren soll weider gefo'ert gin.